

Zevill an net genuch

si keng Moossen, heescht et am Sprooch. Hei am Senn vu „reng-rassegen“ däitschen oder franséischen Ausdréck, déi bei ville vun äis einfach esou (muttwéilles) eraufen. OK, eis Sprooch ass nun emol (wéi Nidderlännesch, Dänesch, Skandinavesch) eng germanesch ... net mat Houdäitsch ze verwieselen ... dat äis ower duerch de Schoulgebrauch, d'Press an haut vrun allem duerch d'TV „natierlech“ méi op der Zong an der Schreib läit. **Dat manner gebrauchtent Franséisch an eiser „Mësch-Sprooch“ schéngt enger Partie Leit net esou ze leien.** Dat kénnt dacks dohier, datt si selwer alt net grad esou „fiederfoxeg“ am de Gaulle senger Sprooch sinn, d'meescht kee Franséisch liesen a knapps oder glat näicht vu franséischsproochegen TV-Programmer halen. Dat ass schued, well **d'Franséisch ass nun emol en Deel vun eiser beneidenswärter „Mëschkultur“, deen eis Mammesprooch typesch vun allen anere germanesche Sproochen énnerscheet...** ower: d'Dier fir d'Englesch iwwregens exemplaresch opmécht!

Ee Grondprinzip sollen sech all déi an d'Jillistäsch stiechen, déi eis Sprooch publistesch gebrauchen: **Do, wou et eiser Wieder gëtt, hunn deer muttwöllesscher purer däitscher oder franséischer Ausdréck näicht ze sichen, basta!...** och wa „gemengt“ gëtt, wann um Radio, der TV oder en etlechen Zeitungartikelcher e gellegen däitschen/franséischen Ausdrück e puermol gebraucht gëtt, da wier en „zeideg“ fir an eisen Dictionnaire (LOD!!!), **ass dat ganz einfach dolaanscht... „donieft“, „à côté de la plaque“.** Eng Bouneschlupp war, ass a gëtt nun emol ni eng „Bounenzopp/soupe aux haricots“; dann hale mir och eis Paschteítchen, déi (sproochlech) hei ewell laang virun der „bouchée“ oder der „Königinnenpastete“ geschmaacht huet. Deer Beispiller gëtt et leider mat den Honnerten. Och doriwwer wier dann emol e klenge „Concours“ fälleg, gelldir. Mir hale „bäi“!



vum Lex Roth

Muss dat sinn?

Ass iech bewosst, datt mir Ausdréck a Sazdeeler am Létzebuergeschen hunn, déi een dacks émsoss an iergendener anerer Sprooch siche geet? Do héiert een dann: Ech hunn dat nach ni héieren/gebraucht; ower wat soll dat dann heeschen? **Mengt jo net, jiddwer Fransous oder Englänner hätt all Wuert aus dem Larousse/„Oxford“... am Gebrauch.** Mä mir hunn et nun emol ze vill einfach, fir aus enger „Spléck“ eng „Spalt“ ze maachen, aus „ernimmen“ en „erwähnen“, aus „bausent“ e schéint däitscht „ausserhalb“. „Sidd opmierksam“ schéngt leider och ville Leit méi glénnereg wéi „Passt op“. An eisem klenge Concours fir „authentescht“ Létzebuergesch hu mir esou vill „Guddes“ erakritt, datt een e klengen Dictionnaire kénnt plangen. Datselwecht fannt dir am Bichelchen ABEEJO, dat iwwregens nach émmer an eise Bicherbutteker ze kréien ass ... dat wäert och nach weidergoen, an zwar nach vill méi an d'Breet! **Vlächt kénnt een esouguer drun denken, eiser plazeweis eemoleger Sprooch e klengen Eckelchen an der Hickecht vun de sougenannten „immaterielle Wälder“ vun der Unesco ze verschaffen.** Iwwerdriwwen? Vlächt emol net. Mir spannen dee Fuedem emol gedéllig virun.

Sech op Englesch bretzen

Natierlech huet kee verstännege Mënsch eppes géint dem „Harry Potter“ seng Sprooch; mä och **hei gëllt deen Deel vum Sprooch, datt „zevill“ keng Mooss ass.** Datt **professionellt Spezialistege-schnadders** am Beruff eng englesch Nues huet, kann ee verstoen, grad ewei am Dokteschgespréich déi grieschesch/laténgesch Ausdréck e ganz bestëmmte Senn/Wäert hunn. Mä fir-wat solle mir ower bei Reklamme mat engem „Neie Look fir Kids ab zéng Jo-er“ oder mat „kindly boosten“ dorémmer flankéieren? Wann dat ném-men ass fir „guttzemaachen“, da schéngt engem dat „Jaddermunnesse-Létzebuergesch“ falsch op der Plaz: „Brout By Mett“ oder „Zoossiss By Jang“; e spreadsheet downloaden ... dat nennt sech op Däitsch „gestelzt“, wéi dat Déierche mat de laange Been um Waasser. An eiser Sprooch giff ee vu „gebeemt“ schwätzen; esou sinn eng ganz Partie deer glénnereg-gebeemter Ausdréck/Satz an der Publicitéit ze fannen ... **déi dacks déi Allermeescht emol net zerguttst verstinn** (also dolaanscht!) ... a vu Leit opgesat, déi (héiflech gesot) dacks selwer net een eenzege Saz proppert Englesch schwätze kën-nen. Deemno, wat soll dat „Gebretz“?



Aus eisem Concours

Wéi dëslescht versprach, kritt dir dann hei nach eng „Gaaschel“ Sätz nogeliwwert, déi eis flässseg „Mataarbechter“ fir déi flott Spillerei erageschéckt haten (d'Haaptacteure fannt dir an deer leschter KLACK-Nummer); et sinn se nach laang net alléguer. **Schneit iech se vlächt eraus,** a probéiert emol heiansdo och alt némmen eng däitsch Iwwersetzung ze maachen; natierlech ass et méglech, datt een an Dictionnaire vun deer „anerer Sait“ alt emol „Famil“ ka fannen ...

Iwwregens kritt dir all déi 257 Nummere vun eiser KLACK och elo - no deer zolitter Aarbecht vum Patrick Kaell an dem Tom Weidig - op eisem Internet-Site!

Hei da fir haut:

Déi Brosel geheit alles op d'Kopp - De Jang ass en Tréllert/Délpes/Topert/Dabo - Päerdsbier ass e gutt Gebeess - Eis Gued stréckt nawell zerguttst - Gesolper-tes aus der Haascht, eng Schlabäizi - eng Héiss gëtt eng geschméichieg Britt-zopp - Hal op mat deem Rolzen - Wat hunn déi eng Wull am Tirang - De Jim huet e Verhalt wéi eng Seibecken - Gëff dech mat deem Gejupps - Hatt huet de Buuscht voller Knätzelen - Wat deen Tuddeler e Kabes braddelt! - Dat Bëtschel stiicht elauter Dabozegkeeten - Schnauwen a jicken ass méi schappé wéi pat-schen - Looss dech net an engem Stéck verképpen - Ech strecken déi verknujelt Kappzich - D'Kénn war schappé vermoschert a verkoschert - D'Jeanne bitzt mat Stéppelkotteng - De Schlammen hippt deierlech mat de Krätschen - Hie jummt d'Keeleklatz laanscht den Dill - Eng Harespel wibbelt am Spaweck - Sief net esou kuuschteg - Op der Schläich/Schéffel kann een de Koplabunz schloen - Hatt ass mat engem aneren doduerch - Dee Blatzkueder huet eng Fisemin wéi eng Bokemaul - Entnäip net nieft engem Seeomessekoup - De Knéckjang huet eng heemlech Mouk - Piddel déi selleche Kénge vun de Gromperen - Dat do ass kee Gemaufels fir e Schaardecken - Dee Wouscht puche mer op den Tipp - De Jos ass ferm bei d'Lisett gelooss ginn - Huel e Schnappeg fir däi Geschnuddels - Déri Ham ass muedseg an huet e Schmecksert - Do hues du dech verträppelt - De Jang huet sech bei deem Geschlupps begladdert - Maach kee Gedäisch, t'ass net dowäert - De Päiter ass an d'Piffkaul getrollt - Gëff dech mat deem Ge-pinschs - Dee Klunnes muss elo d'Pan klaken - D'Jippelcher klammen nach net op den Héngerjuck - Dem Siss säi Knéff ass en topege Flantes - Dat aalt Streckeise flitt an d'Dreckskësch - Looss der net fléiwen a maach dobäi - Passt mat deene Späzmännercher op - Ech sinn erféiert, datt d'Dronkenelle mir aus-gaang sinn - D'Gréid ass bänzeg op Porettenzapp - Maach e Flapp Moschter op dee Wupp - Hei an deem Pull si Kauzekäpp - Et ass eng Harespel an der Spénn-chén - De Jos tommelt sech, fir d'Bauzen ze sträichen - Dee Schnuddeler brad-delt, ouni sech ze ginn - Ech hat e fatzegen Hick - Hie stong potzpuddelplakeg an der Schwämm - Mich, begann dech an träntel net esou - Hatt hat sech houf-reg erausgeviizt - Ech gi mir do dach keng rappen - Hatt hat hien esou nonnee-gemeet, dat näicht méi ze radette war - De Pol läit do ze motzen - De Pir ass d'én-nescht d'iewescht gefal - Äre klenge Krappert ass e Kriddschass - Elo ginn ech een huelen - Op dech gëtt Holz getässelt - Anni, maach e bësse Gréiwen op d'Kniddelen - Mir haten e ganze Koup Kuddelfleck gebafft - Dee Kaffi ass fud-delege Schluutchen - Du has mir eng ferm gekréckelt - De Päinetsch ass mer am Dëppe verbratscht - Ech krut eng Kamell nogehäit - Hie krut eng mat der Schmack gefacht - Maach d'Miissi lo schéin eizi - Dee geet elo geschwé kappen - Hal d'Aen am Grapp - Kuck emol, wat déi kleng Strutz sech ewell mécht - Eist Duerf läit dem Honn hanner - Looss déi Saach nach eng Grimmel mautsch'en - D'Jéis ass e vermengtent Bëtschel - Hien hält sech dru wéi de Geck un de Ben-gel - Et reent riicht eran - Deen Zodi dauert ewell e Strapp - D'Kett ass al gou-reg ginn - Fläiss dech, et huet ewell ofgelaut - De Vic ass e fatzege Luussert - D'Modi mécht Fisematanten - Dat do ass mir eendun - Mä ech hal(e) wuel jo - Sief net sou glott - De Jos ronkt nach am Solper - Wëlls du eng Schipp oder e Schierteg - Maach de Spunnes mat dir - Sief net esou glott an tockskäppeg - Géscht war et eng ferm Hänkecht ginn - Kréckel mir keng - Klibber mech, du Hau-li - Wat hu mir der dacks gestiicht - De Bak blouf mir opstoen - De Frippchen hu et gebinnert a gegotzelt - Deen ass esou rabbeleg, nach Haut a Schank - D'Zara war ni buuschteg an huet s'all begaachelt - Gëff mir e Fixspoun, fir eng unze-maachen - Ech knaan déi krupseg Knaus - Hal op mat Pinschen, dees Gesouers hu mir sat - Looss dat Geräbbels némme lieien - Piddel dee Roff net op - Mir hunn d'Geléng a woodlegem Waasser entdeet - Ech netze mat der Stränz ouni Zull - Maach näicht zum Onwee - Wat bass du e flappege Luppes - D'Schnau-er bretzt sech mat hirem ellene Blani - Dee Jelli geet ewéi Zitz - Dat bëselt, wéi wann et leefeg wier - Dat Gedéngels geet mir net - Ech krut den Ducksall ge-stëbst - De Jang ass erém op der Kéier - De Misch ass net vun der Heck ge-pléckt - Deen hat mech bal ermélzt/erdëmmelt - Deen huet beim Meeschter de Sak - Dorun hunn ech laang kalennert - De Jos huet näicht an der Schierbel/Klatz/Bëls - Hien huet d'Saach d'Baach eragekéiert - D'Luucht geet zou an et himmelliicht - Ech fleeten dech voll - Elo hues du Deng komme gelooss - Mir sinn alt erém um Dill - Biergaus ass et knubbeleg - De Pol ass erém verspellegt - Do war ech nees al erféiert - Deen Dräibiz ass och nach en Tockskapp.